



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Home & Living Expo 2017
Cérémonie d'ouverture du 14 octobre 2017

Discours prononcé par

Francine Closener,

Secrétaire d'État à l'Économie

Seule la parole prononcée fait foi

14 octobre 2017



Altesse Royale,

Excellences,

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Wann ech elo iwwer all dat géif schwätzen, wat ech mir eigentlech virgeholl hat, da kéime mer haut net méi hei eraus, op die eigentlech Foire...

Ech géif lech am Detail iwwert eis gutt wirtschaftlech Situatioun schwätzen, ëm déi ganz vill aner Länner eis beneiden, an iwwert Previsiounen fir déi nächst Joren, déi nach ëmmer ëm die 4 % leien a méi Croissance virgesinn.

Ech géif op d'Entwécklung vum Aarbechtsmaart agoen, op de Chômage deen trotz allen Unkenrufer nees ënnert 6 % geet, iwwerdeems d'Zuel vun den neien Aarbechtsplaze weider klëmmt.

Ech géif iech vun deenen zeg Industrie-Projeten erzielen, déi am Gaang sinn sech ze maachen, déi d'Suite si vu konsequenter Promotioun a Prospektioun an och d'Resultat vum ëffentlechen Investissementer an déi richteg an zukunftssträchtig Infrastrukturen, fir datt Lëtzebuerg een attraktive Standuert bleift.

Mee all dat loossen ech haut mol op der Säit. Net, well et net richteg, net wichteg oder net néideg wier - schliisslech si mir zu Recht houfreg op eis

Sozialversécherung, an ech kenne keen, deen eise soziale Modell net well ofsécheren, ee Modell, fir dee mir eng gewësse Croissance brauchen.

Mee d'Récksäit vun dëser gëllener Médaille beschäftegt d'Leit am Land ëmmer méi ; die negativ Säite vun eisem Wirtschaftswuesstem loossen den Androck opkommen, wéi wann mir d'Affer vun eisem eegene Succès gi wieren, ee Succès, deen elo anescht misst geréiert ginn.

An dat ass richtig. Datt de Stau moies an owes ëmmer méi laang gëtt, dat spiere mir all. Datt de Wunnraum knapp ass, d'Loftqualitéit dacks ze wënschen iwwereg léisst, dat wësse mer alleguer – datt die fossil Energiequellen endlech sinn, natierlech och.

An engems si mir matzen an der neier, der drëtter, souguer schonn der véierter Revolutioun, déi Digitaliséierung heescht a ganz séier, wahrscheinlech nach méi séier, wéi mir mengen, eis Ekonomie, eis Aarbechtswelt, eis ganz Gesellschaft fundamental verännert.

All dees ass sech d'Regierung bewosst. A setzt duerfir de qualitative Wuesstem an de Mëttelpunkt, mat enger Strategie, fir datt Lëtzebuerg a seng Bierger am digitalen Zäitalter gutt opgestallt bleiwen, fir datt mir eis nohalteg entwéckelen, an eis Liewensqualitéit am Mëttelpunkt steet.

Virun engem Joer huet de Wirtschaftsministère déi sougenannten Rifkin-Strategie presentéiert - haut si mer souzesoen post-Rifkin. Well mir aus dem Input vum amerikaneschen Ekonomist, an de Beiträg vu villen anere Leit hei aus dem Land, eisen eegene Modell entwéckelt hunn. Mir hunn eng kollaborativ Gouvernance op d'Been gestallt, a mir hunn elo eis eege Road-Map fir d'Mesuren, déi mer wëllen ëmsetzen.

D'Persoun Jeremy Rifkin war en flotten Ophänkert, fir die ganz Dynamik an d'Rullen ze bréngen - mee lo ass et un eis selwer, die nohalteg Entwécklung vu Lëtzebuerg ze leeden a weider ze driiwen. Wéi dat ausgesäit, wéi eng Mesuren an Defie virun der Dier stinn, dat presentéiere mir iech den 9. November am Groussen Theater - dir sidd natierlech all häerzlech wëllkomm.

Zréck awer bei d'Liewensqualitéit : wa mir déi wëllen erhalen, respektiv verbesseren, da musse mer se och kënne moossen.

De klassische PIB bleift natierlech e wichtegen Indicateur, ee Miess-Instrument fir die ganz Valeur ajoutée, déi am Land geschaaft gëtt.

Mee dernieft gi mir eis awer elo een aneren, analyteschen Outil, fir de Bols zu Lëtzebuerg ze moossen : de PIB du Bien-être, oder op englesch « Luxembourg Index of Well-Being » kuerz LIW - also, den Index vum Wuelbefannen. Domat kënne mer een aneren, vill méi differenzéierte Bléck op eis Gesellschaft geheien, eben op d'Liewensqualitéit, déi sech net onbedéngt am PIB erëm spigelt. Mee zum Beispill a Froe vun Aarbechtsverhältnisser, vun der allgemenger Sécherheet, dem benevollen Engagement, der Qualitéit vun der Educatioun oder och dem Konsum vun Anti-Dépresseuren.

Zwou renomméiert Institutiounen, den « Conseil Économique et Social » an den « Conseil Supérieur du Développement Durable » hunn am ganzen 63 Indicateure erausgesicht, déi d'Wuelbefanne vun der Populatioun erëmspigelten. De Statec huet se kompatibel gemaach an en Gesamtindex zesummegehallt, deen den allgemenge Bien-être weist, grad esou wéi de PIB eben de generelle Wuesstem erëm gëtt.

Wann een elo d'Zuele vum LIW kuckt, an de Joren 2009 bis 2016, a mam PIB vergläicht, da gesäit een eng interessant Entwécklung.

De PIB ass 2011 liicht réckleefeg gewiescht an 2012 méi staark gefall, dono ass en erëm konstant an d'Luucht gaangen, a souguer an de leschte Jore staark geklommen.

D'Entwécklung vum PIB Bien-être ass - graff gesinn - ähnlech : en ass vun 2010 bis 2012 erofgaangen, an zanter hier klëmmt en. Mee wat flagrant ass: en klëmmt vill méi lues wéi de PIB, an huet vill méi Zäit gebraucht, ier en nees op den selwechten Niveau, säin Ausgangsniveau vun 2009, zrëck komm ass, iwwerdeems de PIB haut wäit iwwert deem Niveau läit.

Et ginn also wuel Parallelen tëschent dem Wuesstem an dem Wuelbefanne vun de Leit, mee et dauert vill méi laang, bis datt et de Leit no engem Déif erëm gutt geet - de Bien-être baut sech vill méi lues nees op wéi den wirtschaftleche Wuesstem.

Positiv ze bewäerten ass zum Beispill, datt et, wann et ëm d'Sécherheetsgefill vun de Bierger geet, zanter 2014 ee ganz staarken Trend no uewen gëtt- an dat no jorelaanger, permanenter Tendenz no ënnen. Och am Beräich Bildung gesäit et vill besser aus. Mee an anere Beräicher, wéi zum Beispill bei den tëschemenschlech Relatiounen oder Work-Life Balance ass et net sou positiv.

Et gëtt weider un dësem « PIB du Bien-être » gefeilt, fir erauszefannen, wéi eng Elementer dee gréissten Impakt op eis Liewensqualität hunn.

A grad wéi beim PIB wäert de Statec och Previsiounen vum LIW maachen, natierlech mam Ziel, fir datt déi richteg politesch an ekonomesch Prioritéiten kënne gesat ginn.

Monseigneur,

Dir Dammen an dir Hären,

E groussen Deel vu sengem Liewe verbréngt de Mënsch op senger Aarbecht... an op et him gutt oder schlecht geet, hänkt logescherweis ganz vill vu senger Aarbechtsplaz of ; an eisem « PIB Bien-être » ginn dofir och vill Indicateure gekuckt, déi e Lien mam Emploi hunn.

An engems ass et sou, datt d'Entreprises aus all Secteur, an onofhängeg vun hirer Gréisst, kompetent, motivéiert Leit brauchen - vill vun de Betriber hunn awer ëmmer méi Krämpes, Leit ze fannen an ze halen.

Et geet net méi duer, fir en Job ze bidden an en eenegermoossen anstännege Salaire. Fir gutt Mataarbechterinnen a Mataarbechter ze fannen an u sech ze banne, muss den Job méi bidden, Perspektiven zum Beispill, an den Equiliber tëschent Privatem a Beruff.

Wat fir die eenzel Entreprise gëllt, stëmmt och am groussen Ganzen - an erlaabt mir do een Zitat: « D'Kompetitivitéit vun engem Land hänkt ëmmer méi vu senger Innovatiouns-Kraaft of. Gutt ausgebilten, kreativ Mataarbechter ginn ëmmer méi wichteg, - an zwar méi wichteg wéi Kapital ».

Dat sot viru kuerzem de Grënner vum Weltwirtschafts-Forum, de Klaus Schwab, deen also eng Kéier geholl huet, a neierdénks fir staark Rechter vun de Salariéen plädéiert, well sécher Aarbechtsplazen zu de beschten Argumenter gehéieren, fir datt engem die gutt Leit net fortlafen.

Wat heescht dat elo fir Lëtzebuerg?

Wa mir eng nohalteg Ekonomie a Gesellschaft wëllen - an dat wëll des Regierung - dann ass et kruzial, datt mir net dauernd an ëmmer méi eis Top-Leit mussen an d'Ausland siche goen, iwverdeems mir d'Potential un Top-Leit, déi et hei am Land ginn, vernoléissege:

- Fraen, déi aus vill verschiddene Grënn keng Carrière maachen,
- Leit mat vill Erfahrung, déi awer keng Méiglechkeet kréien, sech weider ze bilden, fir mat ze halen, an
- Besonnesch och jonk Leit, die sogenannte Millenials, well déi hunn ganz aner Erwaardungen un de Patron an un den Job, wéi dat nach virun 10, 15 Joer de Fall war : eng gutt Pai ass natierlech wichteg, jo, mee d'Pai ass beileiwen net alles.

An duerfir ass et richtig, datt méi Wäert geluecht gëtt, op d'Work-Life-Balance, Congé parental, méi Pappecongé, méi Flexibilitéit fir d'Leit.

E besseren Equiliber steet den Entreprises net nëmmen gutt zu Gesiicht, et ass carrement een determinante Facteur fir datt se kompetitiv bleiwen.

Genee esou wichteg ass et, Kompetenzen wéi d'Kreativitéit ze fërderen, déi grad an Zäite vu Roboterem, Automatiséierung a kënschtlicher Intelligenz gebraucht ginn.

Et gi vill Étuden iwver d'Konsequenze vun der digitaler Transitioun, all weisen se an eng Richtung: iwwert d'Hallschent vun alle Beruffer, déi mir haut kennen, wäerten sech staark veränneren, 10-15% nei Beruffer kommen derbäi, genee souvill fale ganz ewech.

Conclusioun: jiddereen, egal aus wéi enger Kategorie, brauch Formatioun a Weiderbildung. Wann Beruffer änneren, mussen d'Leit sech nei Kompetenzen

uneegnen, fir ganz nei Beruffer brauch een ganz nei Qualifikatiounen, a wann den eegene Beruff obsolet ass, muss een sech fir en anere Beräich ausbilde loossen.

Léieren, liewenslaang ass also den A an O vun eisem zukünftege Wuelstand. A genee do setze mer den Hiewel och un:

- Matt enger neier Informatik-Sektioun an de Lycéeë zum Beispill,
- Matt digitale Kllassesäll,
- Matt Formatiounen op Uni an Héichschoulen.
- An, net zulescht, mat « Formatioun continue » an der Aarbechtswelt.

D’Handwierk huet dat kloer erkannt, dee Besoin fir Weiterbildung, an hält d’Initiative, fir en « Kompetenzzenter digitaalt Handwierk » op d’Been ze stellen, fir de Secteur a virun allem seng Leit fir d’Defie vu muer fit ze maachen. A grad am Handwierk bréngt d’Digitaliséierung eng méi grous Valorisation vun der Kreativitéit. D’Exekutioun an déi administrativ Etappe kënnen automatiséiert ginn a wäerten dat och. D’Valuer ajoutée vum Handwierker a vum Commerçant läit an der perséinlecher Berodung, a senger Fachkompetenz an Erfahrung, an un ëmmer neien Iddien.

An duerfir ënnerstëtzt d’Regierung déi Entreprises, déi am digitale Beräich investéieren, ganz gezielt, mat engem Steierbonus, dee bis elo fir de Kaf vu Maschinne virgesi war. Andeems elo och IT-Material a Ressource cibléiert ginn, setze mer hei ee ganz kloert Signal, grad wéi mat der Initiative “Fit for Digital”, wou et och nach emol spezifesch Bähëllef fir Entreprise ginn.

Wat fir d’Handwierk gëllt, gëllt natierlech och fir de Commerce. An och do ass de Wirtschaftsministère net méi wéi frou iwwert all Initiative vum Secteur am

Beräich vum E-Commerce. Schliisslech sinn d’Lëtzebuerger Europa-Meeschter am Online-Shopping.

Mir, dat heescht de Ministère, die grouss Gemengen am Land an de Secteur, si geschwënn prett, fir eng national Internet Shopping Plattform ze lancéieren: de “Letz Shop” gëtt eis eng online Vitrinn fir den Einzelhandel. Kleng Butteker, fir déi et quasi onméiglech ass, een eegenen Online-Shop ze bedreiwen, kréien en hei um Plateau zerwéiert, fir sech an hier Produiten ze presentéieren an ze verkafen. An de Client huet dann de Choix, op e seng Commande an de Buttek siche kënt oder heem geliwwert kritt.

Esou digital Maartplaze ginn et schon an aneren europäesche Stied, mir hunn also d’Rad net mussen nei erfannen - an ech si ganz optimistesesch, datt eis Partner an de Gemenge vill vun hire Geschäftsleit mobiliséiert kréien, fir beim “Letz Shop” mat ze maachen.

Mee a Punkto Digitaliséierung setzt de Staat awer och bei sech selwer un: vill Prozedure kann de Bierger haut schon online iwwert guichet.lu maachen, an do ass nach munches an der Maach. Schon e Méindeg presentéieren d’Ministere Romain Schneider an Dan Kersch och dee neien online Service vun der Krankeversécherung.

Lëtzebuerg bedeelegt sech awer och un engem Projet an der Groussregioun am Beräich autonomt Fueren. Mir gehéieren och hei zu de Virreider an Europa, och well mir eis excellent ICT-Infrastrukturen hei optimal kënnen notzen. An et geet weider: d’nächst Joer kënt ee sougenannte Supercomputer op Lëtzebuerg mat immens héijer Rechencapacitéit, deen d’Entreprisë kënnen a sollen notzen, an deen se brauchen, fir ëmmer méi komplex Berechnungen, Simulatiounen a Modelliséierungen ze maachen. Dës Infrastruktur steet ganz

kloer net nëmmen der akademescher Recherche zur Verfügung, mee genee sou gutt der Economie - och PMEen a Start-upe musse kënnen op datenbaséiert Technologien zeréckgräifen.

Monseigneur,

Dir Dammen an dir Hären,

Et ass d'Aufgab vun der Politik, fir Lëtzebuerg um Wee an die digital Welt ze guidéieren an z'encadréieren, d'Chancen ze notzen, awer och d'Geforen ze erkennen an d'Bierger an d'Betribler do virdrun ze warnen an ze protegéieren.

Virgëscht hunn ech an der Stad den neie Cybersecurity Kompetenzzenter opgemaach, deen an där Form eenzegaarteg ass an Europa, a wou all eis Expertise an Erfahrung zesummefléisst, déi an de leschte 15 Joer opgebaut gouf vu staatlechen a privaten Acteuren. Och hei si mir Virreider, och hei gi mir zu enger Referenz.

An datt mir an esou ville Beräicher d'Nues fir hunn, ass net zulescht och Äre Merite, Monseigneur. Dir an de Grand-Duc Héritier sidd onermiddlech an Ärem Engagement fir d'Interesse vum der Lëtzebuenger Economie, heiheem an uechtert d'Welt - duerfir e ganz grouse Merci.

Lëtzebuerg ass ee klengt Land, mee et ass net klenglech. Et huet seng Gréisst an der Vergaangenheet dacks bewisen, et huet sech a ville kriddleche Situatioune fir dat Richtegt decidéiert. Verstand an Anstand zeechnen eis aus. Innovatiounsgeescht a Fangerspëtzegefill fir dat, wat wichteg ass, sinn eis Trëmp, haut a muer. Let's make it happen.

Merci